TOM MATHAY

Présidentschaft:
2001 bis 2002

vu Beruff:
Bauer

wunnt zu:
Fléiber/Méchela

Wat waren d'Schwéierpunkten am Laf vun dénger Présidentschaft?

D'Schwéierpunkten waren de Relancement vum Mouvement vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer, nei Iddien ugoen an dobäi och kucken wat am Ausland leeft. Och si mir méi onkonventionell Saachen ugaang, wei d'Zesummeschaffen mam „Service Jeunesse" vun der Bauerenzentral. An engem konkrete Projet hu mir mat him zesummen d'Presentatioun vum europäeschen TELLUS-Programm organiséiert. D'Ukuerbelen vum Ausschaffen vun de neie Statuten fir d'Organisatioun war och ee wichtege Punkt a ganz sécher kann een och den alljährlechen Jongbauerendag am Hierscht als weideren Heichpunkt gesinn.

Wat huet d'Fonktioun als Président vun den JB & JW Dir perséinlech bruecht?

Et ass eng speziell Liewenserfahrung, déi ee mecht. Et ass een an eng Organisatioun agebonnen, wou ee mat groussen Erausfuerderungen konfrontéiert gëtt. Dat kann engem am eegene Beruff hëllefen. Et huet een e gudde Batz vun sénger Zäit an Energie dodrann investéiert. Et kënnt ee mat ville Leit a Kontakt, mat interessanten an och manner interessanten. Et war ee vill ënnerwee an et ass een och op Plaze komm, wou ee soss vläicht net hikomm wier.

Et ass awer nach laang net ëmmer een dankbare Job gewiescht, wéi een dat dann am Nachhinein feststellen konnt.

Kënnen dénger Meenung no d'JB & JW och haut nach den d'Ziler an dem Geescht vun de Grënnungsmemberen gerecht ginn ?

Dat ass ganz schwiereg, well d'Zäiten an d'Emfeld, an deene sech haut d'JB & JW beweegen, dach enorm geännert hunn. Haut sinn d'Baueren an der absoluter Minoritéit; et ginn Dierfer, an deene kee Bauer méi ass. Fir da Gehéier ze fannen fir d'Problemer, déi bestinn a fir déi néideg Leit ze fannen, déi eng Organisatioun brauch, ass dann net einfach.

Wat fir ee Message wëlls du deene verantwortleche jonke Leit vun den JB & JW aus dénger Erfahrung mat op de Wee ginn?

Et dierf een d'Balance net verléieren tëscht der Aarbecht, déi een doheem huet an daer, déi een an der Organisatioun mecht. Nëmmen zesummen ass ee staark, besonnesch bei deem bestännegen Zréckgoën vun der Zuel vun de Bauerebetriber. Dofir soll net géinteneen, mee mateneen geschafft ginn.